N°63
Entrée le 29.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.11.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

De Centre pénitentiaire d'Uerschterhaff ass zoustänneg fir d'Leit, déi an Untersuchungshaft sinn. Eisen Informatiounen no, si beim Bau vum Uerschterhaff och Büroe fir Untersuchungsriichter virgesi gewiescht. Dës Büroe géifen et erméiglechen, dass d'Untersuchungsriichter d'Leit kéinten op der Plaz gesinn an dass kee Gefaangenentransport méi misst bis bei d'Gerichter organiséiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat ginn dës Büroen am Moment genotzt? A wéi ville Fäll hu Riichter dës Büroe genotzt?
2. Wéi eng Deeg si se besat a wéi vill Stonne waren se zënter der Ouverture besat?
3. Wéi vill Arrestantentransporter goufen trotzdeem säit der Fäerdegstellung vum Uerschterhaff tëschent dem Prisong an dem Geriicht organiséiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven — Deputéierten

GOERGEN Marc — Deputéierten

N°63
Entrée le 02.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Elisabeth MARGUE, Justizministesch,op d'parlamentaresch Fro n° 63 vum 29. November 2023 vun den honorabelen Deputéierte Sven CLEMENT a Marc GOERGEN iwwer den Arrestantentransport vum Prisong Uerschterhaff**

Ad Froen 1. an 2.

Déi betreffend Raim vum Prisong Uerschterhaff sinn esou amenagéiert ginn, dass si souwuel fir Videokonferenzen wéi och am Presentiel kënne vun de Justizautoritéite genotzt ginn. Sou ginn dës Raim zum Beispill fir Videokonferenze vun der "Chambre du Conseil" vum Bezierksgeriicht Lëtzebuerg a vun der Cour d'appel genotzt fir Audienzen ofzehalen, wann et ëm eng "mise en liberté provisoire" vun engem Prisonéier geet. Zu dësem Zweck ginn dës Raim ongeféier 10 bis 15 Stonnen d'Woch genotzt. Et gi keng Statistiken doriwwer gefouert a wéi ville Fäll, wéi eng Deeg a wéi vill Stonnen déi Raim säit der Ouverture vum Prisong Uerschterhaff vun den Untersuchungsriichter gebraucht gi sinn.

Ad Fro 3.

Säit der Ouverture vum Prisong Uerschterhaff de 5. Dezember 2022 bis op de 4. Dezember 2023 sinn 1.419 Prisonéier op d'Bezierksgeriicht Lëtzebuerg an op d'Cour d'appel gefouert ginn, an 265 Prisonéier op d'Bezierksgeriicht op Dikkerech. Statistiken iwwer d'Zuel vun den Transporter selwer ginn net gefouert.

Lëtzebuerg, den 2. Januar 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue